PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/06/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.

Op der A3 ginn den Ament vill Aarbechten duerchgefouert. Dowéinst, a well et sech ëm eng héich frequentéiert Verkéiersachs handelt, ass d'A3 eng grouss Kaméidissource. Am Kader vum "Plan d'action contre le bruit environnemental" ginn verschidde "Mesures Anti-Bruit" virgesinn, vir Bierger a Biergerinnen virun den negative Folgen vum Kaméidi ze schützen. Am Kader vum Ausbau vun der A3 ginn zur Präventioun a Reduktioun vum Stroossekaméidi sougenannt "écrans acoustiques" op der Héicht vun de Lokalitéite Beetebuerg, Peppeng, Léiweng, Bierchem a Béiweng ubruecht.

Zu Léiweng goufe mir awer elo vu verschiddene Bierger a Biergerinnen dorop opmierksam gemaach, dass opgrond vun der Proximitéit vun der Sortie zu de Wunnhaiser d'Belaaschtung vum Kaméidi immens staark wier. Op dëser Sortie wier keng Lärmschutzmauer ubruecht.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Gefierer ginn deeglech ronderëm d'Sortie Léiweng gezielt?
2. Opgrond vu wéienge Krittäre gëtt decidéiert, dass d'Lärmschutzmauren eng adequat Moossnam zur Präventioun a Reduktioun vum Stroossekaméidi duerstellen?
3. Béi wéi ville vun de genannte Lokalitéiten sinn och d'Sortie mat Lärmschutzmaueren equipéiert?
4. Gëtt och virgesinn, d'Sortie zu Léiweng mat Lärmschutzmaueren auszestatten? Falls nee, wisou net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député